175-jähriges Jubiläum unseres Partnerschaftsvereins "MV Kehlen/Bodensee"

Konzertreise der Fanfare Kehlen nach Kehlen/Bodensee (DEU), 21-23 Juni 2008

www.mv-kehlen.de



Op Aluedung vum "Musikverein Kehlen /Bodensee", war d' Kielener Musek de Weekend vu Nationalfeierdag mat ronn 80 Leit an eis Partner Gemeng Meckenbeuren gefuer. De "Musikverein Kehlen" feiert dëst Joer, hiren 175. Gebuertsdag, mat Festivitéiten iwwert d' ganzt Joer verdeelt.



No enger lëschteger Busrees, si mir Samschdes owes vun eisen däitsche Kolleege gutt empfaang ginn, a no enger Prouf an der Kierch ass et op d' "Junikäferparty" gaang.

Sonndes Moies stoung dunn de “Festgottesdienst” um Programm, wou d’ Kielener Musek, zesumme mam Gesanksgrupp Voice’z eng struppevoll Kierch, méi wéi begeeschtert huet. Mëttes goung et du weider mam “Jubiläumsumzug”, wou 62 Gruppen a Museken, ronn 1800 Leit, bei méi wéi 34 Grad am Schied, geschweest hunn. Am Nomëtten hunn eis Musikanten dann nach emol missten untrieden, an engem riseg groussen Zelt. Obwuel déi aner Museken zweemol méi Leit hate wéi mir, a mir am viraus gemengt haten, mir géinge mat Glanz a Gloria ënnergoen, war de Publikum vun eis begeeschtert.



Spéitstens deen aneren Dag, no enger gudder Goulaschzopp, wou d’ Heemrees schonn erëm ugesot war, konnt ee gesinn, dass déi Partnerschaft net nëmmen um Pabeier funktionéiert: hei huet eng oder déi aner Tréin missten gedréchent ginn. Alles an allem war et e lëschtegen, flotten Ausflug fir Jonk an Al. Vun dëser Plaz aus, soe mir der Gemeng Kielen an dem Comité de Jumelage „Villmools Merci“ fir d’ Ënnerstëtzung.



*Georges SCHROEDER, Präsident vun der Fanfare Kielen*

*Juli 2008*